N°4804
Reçue le 16.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.08.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. August 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an un den Här Minister vun der ëffentlecher Funktioun weiderzeleeden.

Och a grad dee rezente Policeasaz zu Ettelbréck mat déidleche Suitten huet gewisen, datt eist Land d'Policebeamten optimal ënnerstëtze muss. Iwwerdeems stellen sech och eng Rei méi allgemeng Froen, wat d'Konsequenze vun esou Policeasätz ugeet.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung, déi sech op eng Situatioun bezéien, an där e Policebeamten oder en anere Beamten sech gezwonge gesäit, eng Persoun - am Kader vun engem Asaz - ze neutraliséieren:

1. Sinn déi Häre Ministeren der Meenung, datt dee Beamten, wann et zu enger Enquête sollt kommen, automatesch eng assistance juridique zougesot soll kréien?
2. Sinn déi Häre Ministeren der Meenung, datt dee Beamten ëmmer d'Méiglechkeet vun enger psychologescher Betreiung soll ugebuede kréien?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten